## UNIO'N vun de LETZEBURGER Freihétsorganisatio'nen

# OPRUFF un d'Letzeburger Vollek!

D'UNIO'N vun de Letzeburger Freihétsorganisatio'nen huet am Averständnes matt de Besatzongsbehörden d'LÉDONG vum zivile Liéwen bis op weideres iwerholl.

**Fir Ro', Urdnong a Secherhét ze garante'eren huet d'UNIO'N eng MILIZ opgestallt, de' virléfeg och d'POLIZEIGEWALT iwerhöllt.**

D'Missio'n vun der Miliz ass an der Haptsâch de' hei:

**1. De Schutz vun den öffentleche Gebeier, vun de Bierger a vun hierem EGENTOM.**

**2. D'Kontroll iwer d'Ausfe'erong vun den Dekreter, de' durch d'UNIO'N erlôss gin, virun allem iwer d'Verdélong vun de Liéwesmöttel.**

D'Member vun der Miliz droen um lenken Arem e Brassar mam Stempel vun der UNIO'N, flanke'ert vun 2 ro'de Le'wen a matt der Opschröft „MILIZ".

Mir furderen d'LETZEBURGER VOLLEK op, all Uweisongen vun der MILIZ an hirem égnen Intresse gewössenhaft ze befollechen an de MILIZLEIT so' vill we' me'glech an hirem DENGSCHT ze höllefen.

HE'CH LETZEBURG!

Den Zentralcomité vun der UNIO'N.

Dréckerei Charel MUNSHAUSEN, Letzeburg